

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

2018 huet de Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastruktur d'Broschür "*Modu 2.0 Strategie fir eng nohalteg Mobilitéit*" publizéiert an där eng Rei gréisser verkéierspolitesch Ëmgestaltungen ugekënnegt goufen, déi bis 2025 stufeweis sollen ëmgésat ginn. Op Säit 14 vun der Broschür gouf festgehalten, datt den Taux vu Leit déi ze Fouss schaffe ginn, bei Trajete vu manner wéi engem Kilometer vu 56 op 95 Prozent soll gesteigert ginn

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Transportminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi vill Leit sinn hei insgesamt betraff? Wéi huet dës Zuel vun 2017 bis 2021 entwéckelt? Wéi een Undeel entfält op d'Personal vun de Gemengen?
- 2) Wéi huet sech den Undeel vu Leit déi am uewe beschriwwene Sënn effektiv ze Fouss gi vun 2017 bis 2021 entwéckelt, ausgedréckt souwuel an absoluten Zuelen, wéi a Prozent?
- 3) Ass bekannt, wéi d'Zuelen tëschent deenen eenzele Joreszäite variéieren a wéi een Impakt d'Wiederkonditiounen hunn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten